ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

**N° 4217**
Reçue le 04.05.2021
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 04.05.2021

Här Fernand Etgen
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 4. Mee 2021

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Familljeminister, den Här Finanzminister an un den Här Minister fir Soziales weiderzeleeden.

Am Interview vun der Presidentin vum OGBL mat der Zeitung vum Lëtzebuerger Vollek, deen den 30. Abrëll ënnert dem Titel "Nous défendons une sortie sociale de la crise" publizéiert gouf, heescht et, datt d'Familljenallokatioune säit 2006 net méi indexéiert goufen an domat 20 Prozent u Wäert verluer hätten. Weider féiert d'Presidentin vum OGBL aus, datt d'Regierung am Accord vum 28. November 2014 mat der CGFP, dem LCGB an dem OGBL anerersäits, zougesot hätt, fir dësem Problem Rechnung ze droen, mee hiren Engagementer säitdeem net nokomm wier. Aktuell hätt d'Madamm Familljeminister dann op en neits eng Reindexatioun vun de Familljenallokatiounen an Aussicht gestallt, mee réischt fir den éischte Januar 2022.

Duerfir géif ech der Regierung gär des Froe stellen:

1) Wéi ass déi Decisioun motivéiert, fir d'Familljenallokatioune säit 2006 net méi ze indexéieren?
2) Deelt d'Regierung déi Interpretatioun vun der Presidentin vum OGBL, zum Accord vum 28. November 2014? Wa jo, wéi justifiéiert d'Regierung hir Decisioun, fir hirem Engagement aus deem zitéierten Accord net nozekommen? Wann net, kann si hir Interpretatioun vun deem Accord erklären an d'Motivatioun elaboréieren?
3) Wéi steet d'Regierung zu der Fuerderung, fir d'Familljenallokatiounen em 7,7 Prozent ze indexéieren a bis 2014 réckwierkend nei ze berechnen? Wéi eng Gesamtzousazkäschte géifen doduerch entstoen?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
Deputéierten

**ADR – Groupe parlementaire 25, rue Notre-Dame L-2240 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742**

N° 4217
Reçue le 08.06.2021

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Famille, de l'Intégration
et à la Grande Région

Réf. 2021/3040

*Dossier suivi par :*
*Dominique Faber*
*Tél : 247 86540*

Luxembourg, le 08 juin 2021

Le Ministre de la Famille et de l'Intégration

à

Monsieur le Ministre aux Relations avec le Parlement

**Concerne :** question parlementaire n° 4217 de Monsieur le Député Fred Keup

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire tenir en annexe la réponse du Ministère de la Famille, de l'Intégration et à la Grande Région relative à la question parlementaire n° 4217 de Monsieur le Député Fred Keup, en vous priant de bien vouloir la transmettre à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments respectueux.

Le Ministre de la Famille et de l'Intégration

Corinne CAHEN

**Äntwert vun der Ministesch fir Famill an Integratioun op d'parlamentaresch Fro n° 4217 vum Deputéierte Fred Keup iwwert d' Indexéierung vum Kannergeld**

D'Decisioun d'Familljeleeschtungen vun 2006 un net méi ze indexéieren ass wärend der Legislatur 2004-2009 geholl ginn. Déi Politik ass iwwer d'Joren weidergefouert ginn. An der Legislaturperiod 2013-2018 huet d'Regierung dofir och systematesch a massiv an Sachleeschtungen zugonschten vun de Kanner an de Familljen investéiert (cf. Reform vun de chèques-services, gratis Schoulbicher am Enseignement secondaire...).

Am Koalitiounsaccord fir d'Period 2018-2023 hunn déi dräi Koalitiounspartner eng Indexéierung vun de Familljeleeschtungen um Enn vun der aktueller Legislaturperiode virgesinn, dat ouni réckwierkenden Effet. Dat erkläert och, firwat d'Regierung de Projet de Loi Nr. 7003 zréckgezunn huet. De Regierungsrot huet den 12. Mee 2021 en Avant-Projet de Loi validéiert deen, ënnert Anerem, och d'Reindexatioun vum Kannergeld vum 01.01.2022 un virgesäit. De Projet de Loi ass um Instanzewee.

An der Hypothees, dass d'Kannergeld (Kannergeld, majorations d'âge an allocation spéciale supplémentaire) am Joer 2021 eng Depense vun 951 Milliounen EUR géif ausmaachen, géif eng Augmentatioun vun 7,7% vum Kannergeld am Joer 2021 Zousazkäschten vu 73,2 EUR Milliounen bedeiten